



Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6288 vun den éierebaren Deputéierten Gilles Baum an Gusty Graas

Am Joer 2021 gouf méi wéi d'Hallschent vun der nationaler Produktioun vu Koumëllech als Frëschmëllech vum Haff oder als ontransforméiert Frëschmëllech exportéiert.

D'Filière vun der BIO-Mëllech kennt änlech Maartproblemer wéi de konventionelle Mëllechsektor. Staark Konkurrenz vu präisgëschtegen auslännesche Mëllechprodukter bei eis um Maart an op der anerer Säit héich administrativ Hürden an eisen Nopeschlänner, fir BIO Frëschmëllech vun eise Molkereien exportéieren ze kënnen bis hin zur Schléissung vum Maart fir BIO-Mëllech.

Desen Tableau vum STATEC gëtt eng Iwwersiicht iwwert d'Evolutioun di lécht Joren vun den Exporter vu Lëtzebuerger Mëllech (konventionell a Biomëllech) vum Libellé *Lait et crème de lait, non-concentrés ni additionnés de sucre ou d'autres édulcorants*, en Valeur (1000 €), en Volume (kg) an Valeur Unitaire (€/kg).

EXPORTATIONS DU LUXEMBOURG DE LAIT ET CRÈME DE LAIT

Libellé	Lait et crème de lait, non-concentrés ni additionnés de sucre ou d'autres édulcorants			
	Unité	valeur en 1000 €	volume en kg	valeur unitaire (€/kg)
2017		110 741	260 591 100	0,42
2018		114 290	286 449 519	0,40
2019		117 944	283 410 383	0,42
2020		117 418	288 695 847	0,41
2021		134 157	291 651 180	0,46

D'Molkereien sin den Ament staark betraff vun de méi héijen Energiekäschten, awer och d'Verpackungskäschte si méi deier ginn. D'Loun- an aner Niewekäschten droen och nach zu méi héijen Ausgabe bäi. Als Genossenshafte wëssen d'Molkereien natierlech och gutt Bescheed, datt Dünger- a Fudderkäschten, fir nëmmen déi wichtegst ze nennen, op de Bauerebetriber staark geklomme sinn, a si mussen de Produzenten deemno och méi bezuele fir dat déi weider produziere kënnen. Dat alles zesumme mécht, datt d'Mëllechproduiten och musse méi deier ugebuede ginn.

Di detailléiert Ausbezuelungspräisser vun der Molkerei un de Bauer ginn um Internetportal vum Landwirtschaftsministère publizéiert. Den duerchschnëttleche Mëllechpräis (konventionell a BIO zesummen) ouni TVA louch de Mee bei 47,97 € ct pro kg Mëllech. Dee Präis kéint de Juni op iwwer 49ct/kg klammen.

Monatlicher Erzeugerpreis für Milch
(Konventionnell & Bio, in ct/kg ohne MwSt.)*

Preis (ct/kg)	Jan	Feb	März	April	Mai	Juni	Juli	Aug	Sept	Okt	Nov	Dez
2022	42,03	42,58	44,63	45,75	47,97	49,05	-	-	-	-	-	-
2021	35,59	35,33	35,45	36,26	36,69	35,92	35,89	36,46	36,85	38,43	39,54	41,19

Den duerchschnëttleche Mëllechpräis fir BIOMËLLECH oui TVA louch de Mee bei 48,93 € ct pro kg Mëllech.

Monatlicher Erzeugerpreis für Bio-Milch (in ct/kg ohne MwSt.)*

Preis (ct/kg)	Jan	Feb	März	April	Mai	Juni	Juli	Aug	Sept	Okt	Nov	Dez
2022	45,67	46,44	47,13	48,09	48,93	-	-	-	-	-	-	-
2021	42,24	42,33	41,88	41,94	41,82	42,12	42,14	44,33	44,57	45,59	46,15	45,23

[Monatliche Milchstatistik - Agrarstatistik - Landwirtschaftsportal - Luxembourg \(public.lu\)](https://public.lu/landwirtschaft/milchstatistik)

Momentan gesäit et ganz duerno aus, datt den Ausbezuelpäis vun der Molkerei un de Bauer weider klëmmt. Di monatlech Publikatioun vun dese Präisser um Internetportal vum Landwirtschaftsministère erméiglecht et, den aktuelle Stand vun der Entwécklung ze verfollegen.

[Monatliche Milchstatistik - Agrarstatistik - Landwirtschaftsportal - Luxembourg \(public.lu\)](https://public.lu/landwirtschaft/milchstatistik)

Duerch di staark gestiege Präisser vun de Produktiounsmëttel wéi Energie, Fuddermettel an och Dünger klammen d'Käschte fir d'Produktioun vun der Mëllech och staark un. Op d'Bauere lo profitéiere wäerten oder op d'Haussen op der Mëllech net duerginn, fir di gestiege Produktiounskäschten ze decken, ka richt um Enn vum Geschäftsjoer jeeweils järelech beurteelt ginn.

Et ass den Ament nach ze fréi fir Schlussfolgerungen ze zéien wéi eng Konsequenzen d'Deierecht vun de Mëllechproduiten op d'Consommatioun wärten hunn.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN